N°2154
Entrée le 26.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

Rezent hunn Holland, Däitschland, Finnland an och d'Belsch hir Reesrecommandatioune fir LGBTQ+ Persounen, déi an d'USA reesen, verschäerft. Dës Ännerunge sinn eng Reaktioun op d'Politik vun der neier Trump-Administratioun, déi verschidde Schutzmoossname fir sexuell Minoritéiten ofgeschaaft huet, dorënner d'Aféierung vun enger strikt binärer Geschlechteridentifikatioun (männlech oder weiblech) op Päss a Visaen.

Den hollänneschen Aussministère huet elo an hirem Reesportal präziséiert, dass "Gesetzer a Gebräicher an den USA vis-à-vis vun LGBTQI+ Leit vun deenen an Holland ofwäiche kënnen." Dës Ännerung ersetzt eng fréier Ausso, déi uginn huet, dass d'US-Gesetzer "vergläichbar mat deenen an Holland" wieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet d'Lëtzebuerger Regierung virgesinn, hir Recommandatioune fir LGBTQ+ Persounen, déi an d'USA reesen, och ze verschäerfen?
    - Falls jo, wéi eng konkret Ännerungen si geplangt a wéini ginn dës ëmgesat?
    - Falls nee, op wéi enger Basis huet d'Regierung decidéiert, hir aktuell Rotschléi bäizebehalen?
2. Wéi eng Moossname sinn aktuell en place fir d'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun LGBTQ+ Lëtzebuerger Bierger am Ausland ze garantéieren, besonnesch a Länner wou hir Rechter ageschränkt ginn?
3. Gesäit d'Regierung vir, dëst Thema bei bilateralen oder multilateralen Treffe mat den USA unzeschwätzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten